SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Finanzen, Verdeedegung, Wirtschaft & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Wéi d'Lëtzebuerger Land a senger Editioun vum 19.04.2024 mellt, stoung bei der Staatsvisitt vun der groussherzoglecher Koppel an de Vertrieder vun der lëtzebuerger Regierung um Mëttwoch och eng Visitt vun der Firma Jan De Nul Group um Programm. Den Ex-Wirtschaftsminister Etienne Schneider ass hei Member am Verwaltungsrot.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat ass dës Firma wärend der Staatsvisitt besicht ginn?
2. Wéi eng aner Firmen si wärend der Visitt an der Belsch besicht ginn?
3. Hält d'Regierung et net fir onpassend, eng Firma vun engem Ex-Minister besichen ze goen, bei deem no sengem Austrëtt aus der Politik kloer ginn ass, datt en op Staatskäschten ee luxuriéist Liewe gefouert huet (https://www.reporter.lu/luxemburg-minister-auf-reisen-die-spesen-bilanz-von-blau-rot-gruen/) an ënner dem senger Verantwortung de LUXEOSys Satelitte-Projet finanziell all Kader gesprengt huet?
4. Wat fir eng Kooperatioun gëtt et tëscht dem Lëtzebuerger Staat an der genannter Firma?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten